LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vum Sportsminister a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°2109 vum 19. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

D'Resultater vun de Sportsatellitekonte goufen am Dezember 2021 fir déi éischte Kéier vum Sportsministère publizéiert. Parallel hat och de STATEC eng Publikatioun gemaach.

Zënterhier sinn d'Aarbechte kontinuéierlech weidergelaf an all Joer en Update vun den Zuele gemaach ginn. Dës allerdéngs net méi iwwer de Kommunikatiounskanal vum Sportsministère, mee iwwer de STATEC. Op https://lustat.statec.lu gesäit een d'Evolutioun vun 2016 u bis déi lescht Zuelen 2023, déi rezent dobäi gesat gi sinn.

T'gëtt sech awer aktuell, an Zesummenaarbecht mam STATEC, Gedanke gemaach wéi een d'Resultater vun de Sportsatellitekonten kommunikatiounstechnesch kann opwäerten.

**Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo